DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 2. Oktober 2020

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou eméi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an un den Här Minister fir Energie weiderzeleeden:

« Ee vun de Kritikpunkten, deen ëmmer nees un der Wandenergie formuléiert gëtt, ass deen, dass duerch d'Wandrieder vill Vullen zu Dout kommen.

E rezent Experiment vu Forscher aus Norwegen huet elo gewisen, dass d'Unzuel u Villercher, déi duerch d'Kollisioun mat engem Rotorblat stierwen, ëm 70% rofgeet, wann ee Rotorblat an enger anerer Faarf wéi déi zwee aner ugestrach gëtt, well d'Déieren d'Hindernis sou besser erkennen.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Här Minister fir Energie folgend Froe stellen:

- *Sinn d'Madamm an den Här Minister au courant vun dësem Experiment ?*

- *Sinn d'Madamm an den Här Minister der Meenung, dass et sënnvoll wier, dës einfach Léisung och zu Lëtzebuerg z'applizéieren ?*

- *Wa jo, ass virgesinn d'Bedreiwer ze verflichten, dës Mesure op all aktuellen an zukünftege Wandrieder unzewenden ?*

- *Sinn d'Madamm an den Här Minister der Meenung, dass dës Mesure en negativen Impakt op d'Wuelbefanne vun de Leit an d'Akzeptanz vun Wandrieder kéint hunn ? »*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten